

Pressecommuniqué 2.6.2018

Keup, Weidig, Rinck, Rouling, Ahles an Bintz sinn d'Wee2050-Kandidaten op der ADR-Lëscht

Gëschter Owend sinn d'Kandidate vun der ADR-Lëscht zu Feelen presentéiert ginn. Dorënner sinn och eis Kandidate vum Wee2050.

Eis Kandidate setze sech haaptsächlech fir déi Themen an, déi an eisen Ziler an Aktiounspunkte behandelt ginn. Selbstverständlech stinn och si zum gemeinsame Wahlprogramm vun der ADR-Lëscht, a si verflchte sech, wann si gewielt ginn, ADR-Member ze ginn.

Zitat vun eise Kandidaten: *“D'ADR ass am nooste bei de Wee2050-Ziler iwwert d'Sprooch, de Wuesstem an d'Demokratieverständnes, a vertritt se éierlech, staark a glawwierdeg. Zesumme mat den anere Kandidate wëllen mir, als Team, zesummen, déi ganz Lëscht voll ënnerstëtzen. Mir setzen eis mat voller Energie fir d'Zukunft vun der Lëtzebuenger Sprooch an, mat engem richtege Gläichgewicht tëschent dem Däitschen, Engleschen a Franséischen, wéi och géint den onkontrolléierte staarke Wuesstem. Mir passen och genau op, dass d'Resultat vum Referendum 2015 respektéiert gëtt, an dat besonnesch an der neier Verfassung.”*

Op eiser Lëscht si Leit mat verschiddene Liewensperspektiven, déi awer all dat selwecht Demokratieverständnes hunn, déi d'Themen vun der politescher Mëtt vertrieede wëllen, an déi och de Courage an d'Talent hunn, fir eis Ziler ëffentlech anzetrieden.

Net jiddereen aus eisem Team geet mat. D'Grënn dofir si villsäiteg: berufflech Incompatibilitéit, de Choix net an d'Ëffentlechkeet ze goen, familiär Grënn, déi Lëtzebuenger Nationalitéit net ze hunn, e politescht Mandat mat enger anerer Partei. Si stinn awer weider voll hannert eis an hëllefem op hir Aart a Weis. Mir soen dofir all eise Wee2050-Team-Memberen, mee och eise Sympathisanten an Donateurs Villmools Merci.

Niewent eisem Grënner, dem Fred Keup, gi mat: Den Tom Weidig, dee sech am Referendum aktiv fir en equilibréierten Debat tëscht dem Jo an dem Nee agesat huet, fir sou eis an der grousser politescher Mëtt och eng Stëmm ze ginn. Zënter hier schafft hien aktiv beim Wee2050 an konnt wichteg Impulser ginn. Den Daniel Rinck, laangjäregen Administrator vun der populärer Facebooksäit 'Neiwahlen', bekannt fir seng oppe Manéier wichteg Uleie vun der politescher Mëtt ze thematiséieren an de politeschen Debat ze fërderen. Besonnesch exemplaresch ass säin Engagement fir deene Leit, déi a Nout geroden sinn, ze hëllefem. Weider Kandidaten sinn de Jos Rouling, dee vill Televisiounssendunge gemaach huet, d'Thessy Ahles an de Claude Bintz.

Zitat Tom Weidig: *“Keen Thema däerf Tabu sinn an all Argumenter a Fakten müssen op den Dësch. Ech si frou, dass ech am Referendum dem Wee2050 hëllefem konnt, fir géint massive politeschen Drock, d'Meenung vun der politescher Mëtt héich ze halen. Mat der selwechter Energie setze mir eis als Wee2050 elo fir eis Ziler a punkto onkontrolléierte Wuesstem a Sprooch an.”*

Zitat Daniel Rinck: *“Eis Sprooch a Kultur leie mir um Häerz, awer och den Impakt vum ze staarke Wuesstem, dee besonnesch déi Léit trëfft, deenen et net esou gutt geet, wéi deene Léit mat geréngem Akommes oder d'Situatioun vun den Obdachlosen.”*

Hei sinn all eis Kandidate mat hire Profiller:

Bezierk Süden

Fred KEUP
Mamer, 38 Joer
Grënner vum Wee 2050
Geographieprofesser zu Esch
President F.C. Kielen

Tom WEIDIG
Esch, 45 Joer
President vum Wee 2050
Dokter an der Physik
Finanz- an Assurancenexpert
President vun internationalem Fuerschungsgremium iwver Stottern

Jos ROULING
Esch, 63 Joer
Kandidat vum Wee 2050
Pensionéierte Magasinier ARBED
Moderator (Fernseh a Soiréen)

Bezierk Zentrum

Daniel RINCK
Dikrech, 54 Joer,
Kandidat vum Wee 2050
Expert a Kommunikatioun a Medien
Pensionéierte Privatbeamten,
Benevole bei Stëmm vun der Strooss

Thessy AHLES
Biissen, 54 Joer
Kandidatin vum Wee 2050
Sekretärin

Claude Bintz
Stader, 45 Joer
Kandidat vum Wee 2050
Schoul Beaux Arts
Techniker bei Dupont

d'Initiativ *Wee2050*
Mail: kontakt@wee2050.lu